

Projeten a Bolivia

Eltreberodung - Trabajo con Padres

Erziehung: Nohëllef fir Grondschoulkanner

Am Abrëll 2011 sinn dräi Membere vun der Projeten kucken ze goen an de finanzielle Bilan vun dësen Aarbechten ze maachen. Dës weidere wollte mir och nei Projete gesinn, déi mir an Zukunft kéinten énnertéitzen. D'Erwaardungen sinn net enttäuscht ginn. Mir hunn gesinn dat mir mat der Fundacion Cristo Vive en absolut vertrauenswürdege Partner hunn, mat deem mir nach vill können net zusummen errechen.

Andamos! besteht mëttlerweil schon 3 Joer. Mir hunn an der Zäit eng Rei Projete realiséiert a sinn zusumme mat eise Partner houffreg op eis Aarbecht. Mee och heiheem geet eisen Asaz weider. Esou si mer e puer Mol am Joer énnerwee op Scheckiwerreechungen vun eisen Donateure a mir ginn eemol am Joer des Newsletter eraus. All sechs Wochen strecke mir eis Käpp an enger Versammlung zesummen, an eemol am Joer huelle mer eis e Weekend Zäit fir e Bilan iwwert ons Aarbecht ze zéien a weideres fir d'Zukunft ze plangen. Ausserdem ass et wichtig ze soen, dat mer am Joer duerch verschidden Aktivitéiten wéi z. Bsp. Grillen eis lafend Käschten decken. Dest erlaabt eis, all Är Donen zu 100 Prozent an eis Projeten ze stiechen a mir kenne garantéieren, dat all Euro, dee mer kréint, eise Frénn a Kollegen aus Latäinamerika zegutt kennt. An deem Sënn hoffe mer op eng weider gutt Zusummenaarbecht a wënschen lech flott Feierdeeg an e guerde Rutsch an d'Joer 2012.



Virwuer

D'Kanner aus de Primärschoule vu Bella Vista a vun Tirani brauchen Hëllef fir mat den Hausaufgaben eenz ze ginn an de Léierstoff opzeschaffen. Andamos! stellt d'Mëttelen zur Verfügung, fir eng Persoun mat enger halwer Tâche anzestellen an dem Léierpersonal sou énnert d'Äerm ze gräifen. D'Kanner sollen doduerch d'Chance kriegen, hir Primärschoul ze packen - och wann hir Elteren hinnen net kënnen hëllefen.

Andamos! bestëet mëttlerweil schon 3 Joer. Mir hunn an der Zäit eng Rei Projete realiséiert a sinn zusumme mat eise Partner houffreg op eis Aarbecht. Mee och heiheem geet eisen Asaz weider. Esou si mer e puer Mol am Joer énnerwee op Scheckiwerreechungen vun eisen Donateure a mir ginn eemol am Joer des Newsletter eraus. All sechs Wochen strecke mir eis Käpp an enger Versammlung zesummen, an eemol am Joer huelle mer eis e Weekend Zäit fir e Bilan iwwert ons Aarbecht ze zéien a weideres fir d'Zukunft ze plangen. Ausserdem ass et wichtig ze soen, dat mer am Joer duerch verschidden Aktivitéiten wéi z. Bsp. Grillen eis lafend Käschten decken. Dest erlaabt eis, all Är Donen zu 100 Prozent an eis Projeten ze stiechen a mir kenne garantéieren, dat all Euro, dee mer kréint, eise Frénn a Kollegen aus Latäinamerika zegutt kennt. An deem Sënn hoffe mer op eng weider gutt Zusummenaarbecht a wënschen lech flott Feierdeeg an e guerde Rutsch an d'Joer 2012.



Stipendien fir zwou Studentinnen

Andamos! finanzierert d'Studium vun zwou jonke Fraen, dem Aquilina an dem Silvia.

No enger " Testphase " vu sechs Méint waren di Responsabel vun der Fundacion Cristo Vive douvn iwwerzeugt, dass dës engagéiert Fraen eng Chance op e Studium solle kréien. Während hirer Ausbildung zur Psychologin respektiv zur Assistante sociale, déi 5 Joer dauert, schaffe si als Geigeleeschitung an hirer Fräizäit als Volontaire fir d'Fondatioun zu Tirani. Hei en Interview mam Aquilina Camacho Arispe:



Ich bin 21 Jahre alt, Junggesellin und habe keine Kinder. Ich bin in Tirani geboren und lebe auch hier; im Haus meiner Eltern. Ich bin die Jüngste von 6 Kindern; drei meiner Geschwister sind schon verheiratet. Meine Mutter ist Hausfrau und mein Vater ist Gelegenheitsarbeiter (Bauarbeiter). Auch wir haben, wie viele Gemeinschaftsmitglieder in Tirani, ein Grundstück auf dem wir Blumen anpflanzen um sie dann auf dem Markt zu verkaufen. Seit Januar 2010 arbeite ich als Freiwillige in der Kindertagesstätte. Seit Februar 2011 studiere ich Psychologie in der Universität hier in Cochabamba. Dieses Studium dauert 5 Jahre, während denen ich aber weiterhin als Freiwillige in der "Guardería" aushelfen werde. Ich habe Psychologie gewählt, weil ich dann hier in Tirani mit und für meine Leute arbeiten kann und denen helfen kann, die Hilfe am meisten benötigen.



De Gesondheetssong

Mat dem neie Gesondheetssong, dee mir finanzierien, konnten dest Joer d'Kanner aus der Schoul vun Tirani énnersicht ginn. Vun all Kand gouf eng Fiche médicale ausgestallt. Ausserdem existéiert en "Noutfong", dee kann agesat ginn, wann eng opwändleg Behandlung vun engem Kand usteet, an d'Elteren d'Suen dofir net kënnen opbréngen. De Gesondheetssprojet, deen souwuel d'Präventioun d'Behandlung emschléissit, ass eis ganz wichtig, am mir probéieren eis Ënnerstützung an désem Beräich nach weider auszebauen.

Bolivien Parrainage vun Internatsschüler

Projet am Chile

Teatro Bus


Am Internat vun der Handwierschoul zu Bella Vista si momentan 40 Jugendlecher ännerbruecht. Si gi vun dräi Personounen betreit, woubäi di Jonk awer en Deel eegen Verantwortung müssen iwwerhuelen. No engem feste Chargeplang këmmere si sech drëm, fir moies an owes d'lessen fir di 40 Leit prett ze maachen, d'Kitchen an der Rei ze halen, ze botzen oder d'Wäsch ze machen. An der Fräizäit kënnen déi Jonk sech a verschidde Atellieren aschreien, wéi zum Beispill Danz, Theater oder Fussball. Dës Aktivitéiten gi vun de Betreuer organiséiert a geleet.

Wann Dir drun interesséiert sidd, och e Parrainage vun 20 Euro de Mount ze iwwerhuelen, dann zéckt net a mellt lech iwwert info@andamos.lu oder bei engem vun eise Memberen

Museksinstrumenter a Bicher

Fir d'Internatsschüler aus der Handwierschoul vun Bella Vista hu mir Museksinstrumenter finanzéiert, déi hinnen eng sénneft Fräizäitbeschäftigung bidden. Mir konnten eis op der Platz doven iwwerzeegen, dass si méttlerweil richteig gutt Musik maachen.

Mat dem selwechte Gedanken hu mir der Handwierschoul eng Zomm zur Verfügung gestallt, fir hir Bibliothéik mat Bicher opzestocken. Och di spuenesch Bicher, déi mir matbruecht haten, ware wéllkomm.



Am Aarmeviéierel vun Santiago de Chile schafft d' Diane Cattani fir Kanner an Erwuressener, déi an hirem Alldag mat Armut, Gewalt an Drogenofhänggekeet konfrontéiert sinn. D'Couren am Theater, Danz a Capoiera sinn e Liichtbléck fir d'Kanner. D'Diane versicht mat hinnen, duerch den Ausdruck d'Problemer aus dem Émfeld ze verschaffen an anengems d'Elteren an d'Aktivitéiten anzebannen. Flott ass och, dass d'Kanner bei all Aktivitéiten eppes ziesse kreien, woubäi d'Diane Wert op eng gesond Ernährung leet.

Wann dir dir nach weider Informationounen zum Projet vum Diane Catani wellt kréien, dann informéiert lech iwwert den <http://teatro-bus.weebly.com/>

Andamos! asbl

3, rue Michel Rodange
L-7681 WALDBILLIG
Tel 26 81 08 29
www.andamos.lu info@andamos.lu
BCEE LU 80 0019 2955 3635 3000

Weider Informatiounen kritt Dir bei:

Carmen Seyler a Luc Azzeri
Liesie Gompelmann a Fränk Arend
Marc Frieden an Nadine Lamesch

